



Äntwert vum Verdedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5102 vum 13. Oktober 2021 vun den honorablen Deputéierten Fernand Kartheiser an Fred Keup

Zur Fro 1:

Zesumme mat aneren Alliéierte beschäftegt sech d'Lëtzebuenger Défense och mat den Erausfuerderunge vun der Transition énergétique.

Am Mëttelpunkt vun deenen Iwwerleeunge stinn esouwuel d'Erausfuerderung fir d'Zäregasemissiounen vun der Défense ze reduzéieren, wéi och fir d'Éfficacité opérationnelle an d'Interopabilitéit vun der Arméi weider ze stäerken a mam technologesche Fortschrëtt mat ze halen.

An deem Kontext gëtt och – zesumme mat aneren Alliéierten – iwwer d'Entwécklung vun alternativen Undriffsystemer a Kraaftstoffer nogeduecht, déi an der Zukunft am militäresche Beräich zum Asaz komme kéinten. Dozou gehéieren och elektresch Undriffsystemer.

Zur Fro 2:

D'Arméi verfüügt aktuell iwwer 19 zivil elektresch Gefierer déi fir den Transport vu Persounen agesat ginn. Dovunner fuere 7 Gefierer exklusiv elektresch a gi fir Missiounen hei zu Lëtzebuerg agesat. 12 Gefierer si vum Typ "Plug-in-Hybrid" a gi fir Missiounen hei zu Lëtzebuerg wei och am Ausland agesat.

À terme ass geplangt dass all d'zivil Gefierer elektresch solle fueren.

Zur Fro 3:

D'Arméi verfüügt iwwer 2 duebel Luedstatiounen vu jee 3kW (= 4x3 kW) am "Hangar de stationnement Herrenberg" (HSH). Di aner Ween ginn u normal Steckdousen ugeschloss.

An Zukunft sinn 18 Emplacementer am neien Hangar à vehicules virgesi wou d'Militärween wäerte kënne geluede ginn.

Niewebäi wäerten op 2-3 verschidde Platzen an a bausse vun der Kasär zentral Parkingen amenagéiert gi wou d'Personal vun der Arméi iwwer ëffentlech Bornen hiren Auto luede kënnen.

Zur Fro 4:

Momentan ginn et, ofgesi vun e puer Prototypen, nach keng taktesch Gefierer mat elektreschem Undriff um Marché ze kafen. Dëst ass op de ganz spezialiséierte militäreschen Ufuerderungs- an Asazprofil vun esou Gefierer zeréck ze féieren. Taktesch Gefierer mussen ënner anerem eng gewëss Autonomie hunn, aerotransportabel sinn an och ë gewësse Brandschutz kënnen garantéieren.

Well dës Ufuerderunge bei taktesche Gefierer mat elektreschen Undriff momentan nach nët all erreecht sinn, gëtt och un anerem Undriffsystemer gefuerscht, wéi z.B. Undriffsystemer, déi mat klimaneutrale syntheetesche Kraaftstoffer fonctionéieren.

Wéi scho gesot, stinn d'Éfficacité opérationnelle an d'Interoperabilitéit vun der Arméi, nieft der Reduktioun vun den Zäregasemissiounen vun der Défense, dobäi am Mëttelpunkt.

Am Kader vun der EU a NATO, setzt Lëtzebuerg sech dofir an dass d'Fuerschungsgelder fir klimaneutral Undriffsystemer massiv an d'Luucht gesat ginn.

Zur Fro 5:

Cf. d'Äntwerten zu de Froen 1 a 4.

Zur Fro 6:

D'Lëtzebuerger Arméi ënnerzitt all hier Ween enger Risikoanalys fir sécherzestellen dass keng sécherheitsrelevant Informatiounen un den Hiersteller iwermëttelt ginn.

Lëtzebuerg, den 12. Novembre 2021

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister